# Jo, mä! Dat ass och eng Analyse!

E knappe JO an en décken NEE, dat ass e Resultat, mat dem d'Vertrieder vum JO sech net brauchen ze bretzen, an iwwer dat d'NEE-Wieler sech net brauchen ze schummen!

Wann een de massiven Asaaz vu Leit a Geld kuckt, den d'Regirung, d'Chamber, d'Gewerkschaften (!?), déi sougenannt „Zivilgesellschaft" an dann och nach déi vill Buergermeeschteren, aus Angscht virun der spontaner Meenung vun de Bierger geleescht hunn, da kann een sech nëmme wonneren, dass de JO net méi grouss an den NEE net méi kleng geroden ass.

Natierlech huet de JO an den NEE gewonn: de JO, well e méi wéi 50% krut, an den NEE, well net vill manner wéi d'Halschent vun de Leit NEE gesot huet: Déi 6,52% Stëmmen, déi de JO méi hat an déi dem NEE gefeelt hun, sin nämlech, op déi ronn 200 000 Wieler gerechent, nëmmen 13 040 Stëmmen!

Wann een dann de massiven Drock an déi grouss Angscht bedenkt, mat denen d'„Manipulateure" vum JO operéiert hunn, da kënnt een op d'Idi kommen, dass et och anescht hätt kënnen ausgoen: ± 13 040 Stëmmen Ënnerscheed!?...

Eng aner Zuel léisst mech drun zweiwelen, dass dat „historescht" Resultat d'Meenung vun allen Awunner zu Lëtzebuerg erëmgëtt, et sief dann et schléisst een d'EU-Auslänner vu vir eran aus: Wéisou wore vun dene ronn 450 000 Awunner zu Lëtzebuerg dann nëmme ronn 200 000 Persounen (=44,44%), déi hu missen/duerfe wiele goen? – Dat wor jo sécher nëmmen en zoufällegen Zoufall!?...

Wann een all d'Analyse kuckt, déi d'Vertrieder vun deene verschiddene „Stëmmefänkerte" zum beschte gin hunn, da fällt engem op, dass déi meescht sech selwer dat „gutt" Resultat zouschreiwen, amplaz sech ze froen, wat wollten déi verschidde Wieler mat hirer Äntwert op déi pauschal Fro soen?...

Ob déi gudd Virsätz zum Dialog mat de Bierger de Summer iwwerliewen, dat wäerte mer gesin an héieren. – Ech gin hinnen héchstens bis no de Gemengewalen!

Dee gréisste Problem den d' Politiker nämlech hun, ass den, dass se sech an hir Aktiounen nët kënnen a Fro stellen! – Dat missten se ower léieren, wann se wierklech wëlle probéieren, d'Bierger eescht ze huelen.

Et gëtt souguer neierdéngs Politiker, déi mengen, mir sollten nees ufänke mat dreemen! – Ech mengen zwar, et ass un der Zäit, dass mir ophale mat dreemen!

Mir missten als erwuesse Mënschen endlech ophalen, alles vun der Gemeng, vum Staat oder vun der EU ze erwaarden; mä mir misste probéieren, eist Gléck nees selwer an d'Hand ze huelen, amplaz de Politiker alles blann ze iwwerloossen.

Mol kucken, ob net ower eis Politiker sech bewegen, wa mer laang genuch liewen.

**Michel A.MATHIAS**
alimat@pt.lu